N° 4033 N° 4049
Reçue le 04.05.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 30 avril 2021

**Réf. :** 838x14f8d

**Concerne**: Questions parlementaires n°4033 du 7 avril 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen et n° 4049 du 8 avril 2021 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée aux questions parlementaires n°4033 du 7 avril 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant « participation des médecins-vétérinaires à la campagne de vaccination de la Covid-19 » et n° 4049 du 8 avril 2021 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch concernant « inscription des médecins-vétérinaires dans la réserve sanitaire ».

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette Lenert
Ministre de la Santé

137-000010-20040525 FR

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé aux questions parlementaires n°4033 du 7 avril 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant « participation des médecins-vétérinaires à la campagne de vaccination de la Covid-19 » et n° 4049 du 8 avril 2021 de Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch concernant « inscription des médecins-vétérinaires dans la réserve sanitaire ».**

Dem Collège vétérinaire an der Association des médecins vétérinaires du Grand-Duché de Luxembourg ass de 5. Mäerz matgedeelt ginn, datt d'Vétérinairen just prioritär geimpft kéinte ginn, wann si an den Impfzentren täteg sinn. De Vétérinaire partizipéiert duerch seng alldeeglech Aktivitéit net un der Mise en place vum sougenannte "Cordon sanitaire" rondrëm déi vulnérabel Leit a steet och net, sou wéi dat de Fall beim Gesondheets- a Fleegepersonal ass, dat am enken deegleche Kontakt mat vulnérabele Persounen ass. D'Commission nationale d'éthique hat a sengem Avis vum 29. November 2020 recommandéiert, datt just déi Gesondheetsberuffler déi mat un der Mise en place vun dësem "Cordon sanitaire" partizipéieren, prioritär solle geimpft ginn. D'Regierung ass dëser Recommandatioun nokomm. D'Vétérinairen entspriechen dëser Définitioun net a kënnen also net prioritär geimpft ginn. Si wäerten also eng Invitatioun zur Impfung en fonctioun vun enger eventueller Vulnérabilitéit oder vun hirem Alter kréien.

D'Unzuel vun dem Personal wat an den Impfzentren gebraucht gëtt, hängt vun der Unzuel vun den disponibelen Impfstoffer of, an och wéivill Zentren, respektiv Vaccinatiounslinnen kënne bedriwwe ginn. Fir de Moment, kënnen déi 5 aktivéiert Impfzentren mam medizinesche Personal wat aus der Réserve sanitaire aktivéiert ginn ass fonctionnéieren. Am Fall wou en zousätzlechen Impfzenter géif opgoen a weidert Personal aktivéiert misst ginn fir ze hëllefen, ass net auszeschléissen, datt dee Moment och op d'Vétérinairen muss zeréckgegraff ginn. Et ass also net richteg ze soen, datt d'Vétérinairen aus der Réserve sanitaire eraus geholl gi sinn. Si sinn just bis elo nach net am Kader vun den Impfzentren aktivéiert ginn.

Et ass net geplangt, datt déi Leit déi an der Réserve ageschriwwen sinn, präventiv geimpft solle ginn. Si ginn eréischt dee Moment geimpft wou si och effektiv an engem Impfzenter aktivéiert ginn.
Déi Vétérinairen, déi also effektiv an den Impfzentren zum Asatz géife kommen, wäerten also ab deem Moment natierlech och prioritär kënne geimpft ginn, well si dann am enke Kontakt mam Patient stinn.

Et ass an enger éischter Phase op d'Kinésitherapeuten zeréckgegraff ginn fir an den Impfzentren zum Asatz ze kommen. Et ginn effektiv ganz vill Kinésithérapeuten mat enger héicher Disponibilitéit zu Lëtzebuerg, an zesummen mat der ALK ass et méiglech gewiescht fir eng Konventioun ze ënnerschreiwen, datt d'Kinésithérapeuten kënnen an den Impfzentren zum Asatz kommen.